



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Echternach



Echternach, den 9. Dezember 2020

Un de Schäfferot vun der Stad Echternach

**Betrefft : Ordre du jour vun der Gemengerotssitzung vum 14. Dezember 2020**

Här Buergermeeschter,  
Dir Häre Schäffen,

Esou wéi d'Artikelen 13 a 25 aus dem modifizierte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 et virgesinn, géingen d'Fraktioune vun der DP an déi gréng lech bidden **zwee zousätzlech Punkten op den Ordre du jour** vun der Gemengerotssitzung vum 14. Dezember 2020 ze setzen an eis op d'**Froen** déi mir hei drënner formuléieren Äntwerten ze ginn.

**I. Projet « Shopping Echternach »**

Op der Basis vun engem Vott am Gemengerot vum 18. Dezember 2017 ass de Schäfferot e « projet de développement économique et local », de sougenannte « Shopping Echternach » Projet ugaangen. D'Firma A/O Retail Consulting hat der Gemeng deemools eng Offer gemaach, fir eng “Konzeptstudie” fir e Gesamtmontant vun **180.000.- €** ze realiséieren.

Aus den definitive Konte vun der Gemeng vum **Joer 2017** geet ervir, dass 2017 folgend Montant'en an dése Projet gestach gi sinn :

- **82.192,50 €** fir « frais d'études pour l'assistance économique, financière et organisationnelle du projet de développement économique local ».

Aus den definitive Konte vun der Gemeng vum **Joer 2018** geet ervir, dass 2018 folgend Montant'en an dése Projet gestach gi sinn :

- **72.295,27 €** fir « frais d'études pour l'assistance économique, financière et organisationnelle du projet de développement économique local »,
- **200.812,50 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'une étude conceptuelle du projet de développement économique local »,
- **60.760,13 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'un plan d'action et d'un plan organisationnel et commercial du projet de développement économique local »,
- **10.845,16 €** fir « frais d'études concernant le développement économique local – frais accessoires.

Aus den definitive Konte vun der Gemeng vum **Joer 2019** geet ervir, dass 2019 folgend Montant'en an dëse Projet gestach gi sinn :

- **12.342,26 €** fir « frais d'études pour l'assistance économique, financière et organisationnelle du projet de développement économique local »,
- **218.216,25 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'une étude conceptuelle du projet de développement économique local »,
- **31.461,30 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'une étude d'ensemble du projet de développement économique local »,
- **4.112,18 €** fir « frais d'études concernant le développement économique local – frais accessoires.

Aus dem Budget rectifié vun der Gemeng vum **Joer 2020** geet ervir, dass 2020 folgend Montant'en an dëse Projet gestach gi sinn :

- **206.000,00 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'une étude conceptuelle du projet de développement économique local »,
- **24.042,66 €** fir « frais d'études concernant le développement économique local – frais accessoires,
- **145.453,75 €** als « apport en capital » un d'SA Shopping Echternach

Am Budget fir d'**Joer 2021** den an der Gemengerotssitzung vum 14. Dezember zum Vote steet, ass virgesinn dass 2021 folgend Montant'en an dëse Projet gestach solle ginn :

- **125.000,00 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'une étude conceptuelle du projet de développement économique local »,
- **13.000,00 €** fir « frais d'études concernant le développement économique local – assistance juridique,
- **4.538,70 €** fir « frais d'études pour l'élaboration d'une étude d'ensemble du projet de développement économique local »,
- **125.000,00 €** als « apport en capital » un eng SA Shopping Echternach – fir d'Joer 2020 stoung dësen Apport nach als « apport en capital » un eng GIE Shopping Echternach am Budget.

Am Zesummenhang mat den diverse Budgetsposten, déi hei opgelëscht goufen, hu mir folgend **Froen un de Schäfferot** :

1. U wien sinn all déi opgelëschte Montant'en bezuelt ginn, respektiv sollen d'Montant'en fir 2021 goen?
2. Sinn niewent dem Kontrakt par rapport zu der "Konzeptstudie" déi à la base sollt 180.000.- € kaschten nach weider Kontrakter mat der Firma A/O Retail Consulting oder mat enger anerer Firma an/oder Persoun ofgeschloss ginn? Wa jo, mat wéi enge Firmen/Persounen, fir wéi eng Servicer a fir wéi eng Montanten? Mir froen an dem Fall, dass all d'Gemengerotsmembere Kopië vun dësem/dëse Kontrakter kréien.
3. Huet de Schäfferot e Kontrakt/Kontrakter mam Dr. Thomas Immelmann ofgeschloss. Wa jo, fir wéi eng Servicer a fir wéi eng Montanten? Mir froen an dem Fall, dass all d'Gemengerotsmembere Kopië vun dësem/dëse Kontrakter kréien. Wa nee, op wéi enger Basis bezilt de Schäfferot d'Aarbecht vum Dr. Thomas Immelmann?
4. Wat ass konkret par rapport zum Projet „Shopping Echternach“ bis haut émgesat ginn?
5. Ass eng GIE Shopping Echternach an/oder eng SA Shopping Echternach gegrënnt ginn? Wa jo, wéini? Wa nee, si scho Suen an d'Constitutioun vun enger vun dësen zwou Strukture gestach ginn?

Ausserdeem froe mir, dass an der Gemengerotssitzung vum 14. Dezember 2020 **zwee Votte** geholl ginn, engersäits e Vott iwver d'Weiderféierung vum Projet „Shopping Echternach“ an anersäits e Vott iwver d'Weiderféierung vun der Zesummemaarbecht mat der Firma A/I/O Retail Consulting, respektiv mam Dr. Thomas Immelmann.

## II. « Projet Echternach Asbl »

Am Budget fir d'**Joer 2021** den an der Gemengerotssitzung vum 14. Dezember 2020 zum Vott kennt, steet bei diverse Budgets-Posten als zousätzlech Indikatioun « **Projet Echternach Asbl** ».

An den « Dépenses ordinaires» gëtt bei folgende Poste Referenz op des Echternach Asbl gemaach:

- « frais d'activités svt convention avec Ville d'Echternach » (85.000,00 €)
- « frais marketing et publicité IPL « Eng Stad a Bewegung » et publicité sur radio » (20.000,00 €)
- « frais marketing et publicité : promotion économique ; « Wirtschaftsförderung » » (5.000,00 €)
- « Frais d'organisation du TELEVIE 2020 » (40.000,00 €)

An den « Dépenses extraordinaires » gëtt bei folgende Poste Referenz op d'Echternach Asbl gemaach:

- « Gestion des chantiers communaux – « Baustellenkommunikation » » (20.000,00 €)
- « Installation de panneaux d'information pour touristes – LEADER Tourist Info 2.0 » (25.000,00 €)
- « Remplacement des panneaux d'affichage; route de Diekirch; Rond-point zone industrielle » (100.000,00€)
- « Projet Judeum Epternacum – Stolpersteine » (25.000,00€)
- « Projet d'illumination » (20.000,00 €)
- « Bâtiment Hihof: travaux de mise en état » (100.000,00 €)

Éier de Budget fir d'Joer 2021 zum Vott kënnt, géingen d'Fraktioune vun der DP an déi gréng lech bidden, dem Gemengerot duerzeleeën, wien des Asbl grënne wäert, wéini des Grënnung erfollege soll, wat hiren Objet an hier Missioune solle sinn, wéi vill Leit fir des Asbl schaffe sollen a wien Member vun der Asbl ka ginn.

**Well souwuel de Projet „Shopping Echternach“, wéi de « Projet Echternach Asbl » Froen opwerfen, déi am Virfeld vum Vott vum Budget fir d'Joer 2021 an aller Prezisioun an Transparenz musse gekläert ginn, géinge mir iech bidden, des zwee Punkten als zousätzlech Punkten um Ordre du jour téschent déi aktuell Punkten « 08. Personnel communal – Création de poste d'un salarié à tâche intellectuelle (CDD) » an « 09 Approbation du budget rectifié et du budget 2021 de la Ville d'Echternach » ze intercaléieren.**

Mir soen lech merci.

Mat déiwem Respekt

Fir d'DP Fraktioun  
Carole Hartmann

Fir d'Fraktioun déi gréng  
Carole Zeimetz